Zoue Grenzen

Text: Fabienne Schneider
Illustratiounen: Daniel Tanson

E ganz normalen Dag oder wat géif geschéie wann…

Et ass e ganz normalen Dag. D'Famill Clement sëtzt beim Kaffisdësch moies ëm halwer aacht.

Dat heescht d'Zwillingen Tina an Tom sëtzen an der Kichen a piddelen un hire Schmieren. Et ass Kéis drop an dat gefällt hinne guer net. Am léifsten hätte si Schockelasbotter, mee dee kréie si nëmme sonndes.

D'Mamm kënnt heiansdo era kucken ob och alles giess gëtt, an ob déi zwee och net vergiessen hir Schmier fir an d'Schoul anzepaken. De Papp ass wéi ëmmer a Verspéidung a kënnt nach just an d'Kichen eragespronge fir séier eng Taass Kaffi ze drénken. D'Aischa, den Zwillingen hir Kaz, dréit ronderëm säi Friessdëppchen. Et ass un der Zäit, dass hatt gefiddert gët.

De Radio ass un. Den Här Clement lauschtert d'Noriichte normalerweis am Auto fir op d'Aarbecht. Mee vu datt hie jo souwisou spéit un ass, ass et och egal. Hien hëlt sech vir, haut den Owend méi laang ze schaffen an dréit de Radio méi hoart:

„An elo d'Situatioun op eise Stroossen", mellt d'Stëmm vum Speaker. **„Aus onerklärleche Grënn sinn haut d'Grenzen zou. Et ass onméiglech mam Auto a Lëtzebuerg eranzefueren, riseg Barrikaden aus Betongsbléck, Eisen oder Beem leien op den Autobunnen, déi op Lëtzebuerg féieren. Och d'Landstroosse si blockéiert, grad eréi d'Zuchverbindungen. Op de Schinne fir eran a Lëtzebuerg leie Risekéip Buedem. Et dauert op d'mannst e ganzen Dag, bis déi erëm ewech geschëppt sinn."**

„Léif Nolauschterer, stellt lech vir, wat dat fir Konsequenzen huet", fiert de Spriecher weider.
„Alleguer déi Leit déi aus de Nopeschlänner all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen, kënnen haut net an d'Land eran. Esou eng Situatioun gouf et nach ni. Mir krute gemellt, datt d'Supermarchéen zou bleiwen haut. D'Personal feelt. Et ass keen do fir an d'Kees an d'Rayone kënnen net méi opgefëllt ginn."

„Ei, ei, ei", seet d'Mamm, „an ech sollt haut akafe goen."

De Speaker um Radio fiert weider: **„D' Bäckereien déi vum Schiffer beliwwert ginn, sinn zou, et gouf de Muere fréi kee Brout gebak. Déi meeschte Banke loossen och hir Diren zou, well d'Guichete sinn eidel. Et feele Buschauffeuren, virun allem fir iwwer Land ze fueren.**

Vill Betriber maachen eréischt de Mëtteg hir Diren op, d'Concierge kënnen net zur Zäit do sinn an d'Security-Leit stinn och op der Grenz ze woarden."

«Et ass en Desaster, eng Katastrof»…

De Papp huet an der Tëschenzäit seng Taass Kaffi geholl a sech bei den Dësch gesat. Hie rëselt de Kapp. D'Mamm mecht grouss Aen…

D'Tina an den Tom kucke sech un. „Domm gaang", seet d'Tina, „eis Joffer ass Lëtzebuergerin a wunnt och nach zimlech no bei der Schoul."

„Jo, Tina, Du sees et, déi ass op jidde Fall do haut. Wéi faul, well dann hätte mer keng Recheprüfung. Mee… da kann ech mer jo keng Yu-Gi-Oh-Kaarte bei de Joseph an de Kreemchesbuttek kafe goen?! Wierklech domm gaang."

„Ma sidd dir iech net bewosst, wat dat heescht", jäizt de Papp. Dir hutt jo lo héieren, et funktionnéiert näischt haut, d'Busse fueren net, et kënnt keen Zuch aus dem Ausland… o mei, meng wichteg Réunioun haut de Mëtteg fällt an d'Waasser."

„Kanner, da maacht iech mol nach eng Schmier fir an der Mëttesstonn", rifft d'Mamm opbruecht. „Well ob dann d'Iessen an d'Kantin geliwwert gëtt, ass och nach eng Fro. An den Owend no der Schoul sollte mer Schung kafe goen, mee déi Vendeuse sinn dach all vun der anerer Säit vun der Grenz… o mei, wat en Duercherneen." …

D'Tina an den Tom fänken un nodenklech ze ginn. D'Famill Clement mecht sech nach ganz vill Gedanke wéi dat dann elo weidergeet. D'Aischa steet bei der Kichendir. Hatt wëll eraus op Mausjuegd goen, well et huet nach ken hatt gefiddert. Si schwätzen all duercherneen, an et ass zimlech vill Kaméidi an der Kichen sou datt se net héieren, wéi de Speaker no dene leschten Täkt Musek seet:

„Elo eng wichteg Informatioun fir all déi Leit, déi d'Noriicht vun de blockéierte Grenzen eescht geholl hunn. Kuckt emol op Äre Kalenner: haut ass den éischten Abrëll!"